N°8196
Entrée le 31.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

D'Firma *Kleos Space* huet de 26te Juli Faillite ugemellt. 16 Satelliten huet d'Firma zum Zäitpunkt vun der Faillite bedriwwen, esou d'*Tageblatt*. Laut *Advanced Television* huet Kleos Space am Joer 2022 ronn 11 Millioune Verloscht gemaach.

D'Firma ass esouwuel zu Lëtzebuerg ewéi an Australien am Weltraumsecteur aktiv. De Wirtschaftsministère hat d'Entreprise ënnerstëtzt. Esou war den deemolege Minister bei Pressekonferenzen dobäi an d'Firma krut och eng Plaz um Space Campus op der Kockelscheier.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Hat de Staat geschäftlech Relatioune mat Kleos Space?
   - Wa jo, a wat fir engem Kader ?
   - Wa jo, wat a wéi vill huet de Staat Kleos Space iwwert Jore fir dës Servicer bezuelt?

2. An engem Artikel vu Luxembourg Times vum 3ten Abrëll ass ze liesen:

   > "*Kleos started providing daily data deliveries to government spy agencies and commercial customers - its primary customers - earlier this year, it has told investors, and is now betting its fortunes will rise on the back of that. It landed a contract with a government intelligence agency it did not identify, which should start revenue flowing in the first half of this year, the company said in a separate March statement. A dozen other government agencies - also unnamed - and 31 companies are examining the data offered by Kleos.*"

   - A wéi fern ass d'Regierung iwwert dës Geschäfter informéiert?
   - Ass der Regierung bekannt, ob Kleos Space hei mat Firme wéi NSO zesumme schafft?
   - Handelt et sech bei dem staatleche Geheimdéngscht ëm de SRE?
   - Weess d'Regierung ëm wéi ee staatleche Geheimdéngscht et sech handelt?

3. Weider kann een am Artikel vun der Luxembourg Times liesen:

*"Luxembourg's Economy Ministry last month also authorised Kleos to operate a constellation of up to 80 spacecraft, the company said, as the tiny nation is hoping to grab a niche role in the rapidly growing sector."*

Wat geschitt elo mat deenen Autorisatiounen?

4. Wäert d'Plaz an Zenter op der Kockelscheier elo un eng aner Firma goen? U wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten